

Lëtzebuerg, den 8. Januar 2022

No Reunion mam Educationnsminister (5.1.2022):

Schoule sollen opbleiwen --- 3 Tester pro Woch --- Ännerunge bei CET an Tâches partielles --- och weiderhi keng Loftfilteren a schlecht bezuelten Iwwerstonnen

*Léif Membere vun der FÉDUSE/Enseignement-CGFP,
Léif Kolleeginnen a Kolleegen,*

Trotz rasant steigenden Infektiounszuelen an deenen domat verbonnenen Isolementer vun Enseignanten a Schüler wëll den Educationnsminister de **Präsenzunterricht an de Schoulen esou laang wéi méiglech oprechterhalen**. De Comité vun der FÉDUSE/Enseignement-CGFP ënnerstëtzt dës Virgoensweis prinzipiell, virun allem well d'Ëmstellen op Homeschooling e grouse Qualitätsverloscht vum Unterricht bedeite géif an donieft och d'Organisatioun vum Semesterofschloss a vum Rescht vum Schouljoer komplett op d'Kopp geheie géif.

Och d'Eropsetze vun der Testfrequenz op 3 Kéiere pro Woch an der Schoul begrësse mir. Eiser erneiter Fuerderung no **Loftfilteranlagen an de Kllassesäll** huet de Minister allerdéngs eng kloer Ofso erdeelt, well dës Geräter sengem Kenntnisstand no keen zousätzleche Schutz zum reegelméissege Lüften duerstellen. De Comité vun der FÉDUSE/Enseignement-CGFP bleibt allerdéngs bei senger Fuerderung no mobile Loftfilteranlagen, eleng scho well esou Anlagen et géifen erlaben, manner oft müssen d'Fënsteren opzemaachen an doduerch och **d'Temperatur an deene momentan deelweis äiskale Kllassesäll z'erhéijen!**

Fir an de kommende Wochen de Schoulbetrib iergendwéi kënnen oprecht ze erhalen, misste sou vill wéi méiglech Enseignanten sech bereet erklären, punktuell Iwwerstonnen ze leeschten, an zwar **zousätzlech zu deenen Iwwerstonnen, déi si och onofhängeg vun der Pandemie opgrond vum chronesche Personalmangel souwisou scho musse leeschten**. Well

ganz vill Enseignanten **no knapp zwee Joer Pandemie souwuel kierperlech wéi och psychesch um Zännfleesch lafen**, wäert et fir si schwiereg ginn, heifir déi néideg Energie ze fannen.

Fir déi bis ewell extrem schlecht indemniséiert Iwwerstonne wéinstens e bësse méi attraktiv ze maachen, goufe säitens de Gewerkschaften eng Reih Fuerderunge gestallt, vun deenen de Minister der bis ewell zwou akzeptéiert huet:

- **Ännerunge bei der Alimentatioun vum CET**

D'Gesetz zum Zäitspuerkont an der Fonction publique gesäit vir, dass een Enseignant bis zu 20 % vu senger duerchschnëttlecher Tâche réglementaire kann op säi CET abezuelen. Bei enger voller Tâche entsprécht dëst 4,4 Leçons. Bis ewell gouf dës Plaffong pro Mount applizéiert, zum Nodeel besonnesch fir déi Enseignanten, déi temporär am Laf vum Schouljoer däitlech méi wéi 4,4 Iwwerstonne pro Woch geleescht hunn. Dofir si mir frou, dass den Educatiounsminister eis Fuerderung akzeptéiert huet, dës Plaffong zukünfteg net méi pro Mount z'applizéieren, mee iwwert dat ganz Schouljoer ze strecken.

- **Ännerunge bei den Tâches partielles**

Bis ewell war et sou, dass falls een Enseignant trotz partieller Tâche Iwwerstonnen huet misste leeschten, dës Iwwerstonnen zu sengem groussen Nodeel als net pensionnabel Indemnitéit ausbezelt goufen. Den Educatiounsminister huet d'Fuerderung vun de Gewerkschaften zrëckbehalen, zukünfteg an esou Fäll **de Grad vun der Tâche am Laf vum Joer duerch e ministeriellen Arrêté no uewen unzepassen**. Och wann heizou nach technesch Detailer ze kläre bleiwen, sou bedeit dëst prinzipiell eng däitlech Verbesserung fir déi Enseignanten, déi sech trotz partieller Tâche mat onfräiwëllegen Iwwerstonne konfrontéiert gesinn. De Comité vun der FÉDUSE/Enseignement-CGFP fuerdert, dass dës Zouso vum Minister direkt rigouréis an onkomplizéiert ëmgesat gëtt, an dass **no der Pandemie Enseignanten an Deelzäitaarbecht erëm prinzipiell guer keng Iwwerstonne méi solle musse leeschten!**

Opgepasst, léif Kolleeginnen a Kolleegen: Falls Dir aktuell trotz partieller Tâche Iwwerstonnen hutt, da frot iech keng Avancen op Är Iwwerstonnen un, well soss spéiderhin eventuell keng Adaptatioun no uewe vun Är Tâche réglementaire méi méiglech ass!

Well Iwwerstonnen am Enseignement mat manner wéi 70 % vun enger regulär Stonn bezuelt ginn, gouf ënnert anerem d'Fuerderung nom **Ofschafe vum ominéise Facteur correcteur vu 36/52**, deem am Berechnungsmodus vun der Indemnitéit afléisst, erneiert. Op dësem Punkt war den Educationminister allerdéngs iwwerhaapt net bereet, den Enseignanten entgéintzekommen. **De Comité vun der FÉDUSE/Enseignement-CGFP bleift awer onverännert bei senger Fuerderung fir d'Iwwerstonnen, déi d'Enseignanten net nëmme während der Pandemie, mee och an normalen Zäiten opgrond vu chronischem Personalmangel gezwongenermoosse leeschte mussen, endlech ugemooßen z'indemniséieren!**

Donieft gouf säitens de Gewerkschaften nach eng Kéier d'Fuerderung fir d'**Urechne vun enger pauschaler Unzuel u Formation-continue-Stonnen** erneiert, dëst als Wäertschätzung fir dee groussen autodidakteschen Effort, deem d'Enseignante beim Eraschaffen an digital Unterrechtsforme beim kuerzfristegen Ëmstellen op Homeschooling am Ufank vun der Pandemie gelescht hunn. Och heirop wollt den Educationminister sech net aloossen an huet och bis haut de gemeinsame Bréif vu 6 CGFP-Ënnerorganisatiounen zur Fuerderung no automatescher Unerkennung vu 16 Stonne FoCo (*cf. Communiqué vum 9. Februar 2021*) mol nach net beäntwert!

Zwar huet de Minister Meisch d'Enseignante geleeëntlech öffentlech fir hiren onermiddlechen Asaz während der Pandemie gelueft, mee wann et drëms geet, hiren Effort duerch konkret Geste wäertzeschätzen, zitt hien sech aus der Affär, souguer wann dës Geste, wéi am Fall vun der Unerkennung vu Formation continue, näischt kaschte géifen!

De Comité vun der FÉDUSE/Enseignement-CGFP